N°1653
Entrée le 17.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Justizministesch, vum Här Inneminister a vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1653 vum 11. Dezember 2024 vun den honorabelen Deputéierten Här André Bauler an Här Fernand Etgen.**

Aleedend sief präziséiert, dass déi concernéiert Persoun net "aus der Psychatrie ausgebrach" ass, wéi an der parlamentarescher Fro ernimmt, mee eng Fugue gemaach huet wärend enger Sortie, déi autoriséiert war opgrond vum Gesetz vum 10. Dezember 2009 iwwer d'Hospitalisatioun géint hiert Averständnes vu Persoune mat mentale Stéierungen. Zu engem bestëmmte Moment vun der Sortie ass déi Persoun fortgelaf an huet sech der Awierkung vum begleedende Mataarbechter vum CHNP entzunn.

*1. Wéi huet de Fluchtwee vun dëser Persoun, déi an Däitschland festgeholl gouf, op eisem nationalen Territoire ausgesinn? Konnt déi Persoun op hirer Flucht vun anere Persounen identifizéiert ginn?*

D'Police ass duerch de CHNP zäitno vun der Flucht informéiert ginn an huet direkt eng Sich lancéiert.

Et leien keng Informatioune vir déi et géifen erlaben iwwer de Fluchtwee vun der Persoun oder eng eventuell Identifikatioun vun där Persoun duerch aner Persounen Aussoen ze maachen.

*2. Hat dës Persoun eng Waff bei sech? Waren zu bestëmmte Momenter aner Persounen a Gefor?*

Déi Persoun hat keng Waff bei sech.

No Récksprooch mam zoustännege Parquet ass vun der Police eng Pressemeldung publizéiert ginn, déi duerno mat der Informatioun vun der Police completéiert ginn ass, dass de gesichte Mann kéint geféierlech sinn a net sollt ugeschwat ginn. Zu kengem bestëmmte Moment waren Drëttpersounen a Gefor.

*3. Ginn et am CHNP nach aner geféierlech oder verurteelt Persounen, déi e Risiko fir d'Bevëlkerung duerstellen?*

Am CHNP si keng verurteelte Persounen internéiert, well de CHNP kee Prisong ass. De CHNP ass e Spidol am Sënn vun deem uewe genannte Gesetz vum 10. Dezember 2009, wat de Placement vu Persoune reegelt, déi eng Gefor fir sech selwer oder aner Persoune duerstelle kënnen. Well et e Spidol ass, kann et awer virkommen, dass verurteelte Persounen, déi am Centre pénitentiaire de Luxembourg (CPL) zu Schrasseg hir Strof ofsetzen, am CHNP mol musse stationär medezinesch – psychiatresch behandelt ginn.

An dësem Fall hei huet et sech net ëm eng verurteelte Persoun gehandelt, mee ëm eng Persoun, déi op Grond vum Artikel 71 vum Code pénal als scholdonfäheg declaréiert gi war, an duerno am Kader vun engem "Placement judiciaire" an de CHNP placéiert ginn ass.

*4. Gëtt d'Sécherheetskonzept vum CHNP iwwerschafft a wäerten d'Infrastrukturen an deem Sënn sou séier wéi méiglech ugepasst ginn?"*

Inwiefern d'Sécherheetskonzept vum CNHP muss iwwerschafft ginn, kann eréischt no der Analys vun de Faite méi präzis beuerteelt ginn. D'Infrastrukture vum CHNP sinn hei net betraff, well de Patient jo net aus dem CHNP ausgebrach oder fortgelaf ass, mee op enger autoriséierter Sortie ausserhalb vum CHNP eng Fugue gemaach huet.

Sou accompagnéiert Sortië vu Patiente sinn en Deel vun der therapeutescher Missioun vum CHNP, déi och fir déi Patiente gëllt, déi am Kader vun engem "Placement judiciaire" am CHNP internéiert sinn. Déi Prozeduren, déi am Kader vun där Missioun applizéiert ginn, sinn natierlech drop ausgeriicht, dass esou Fuguen net solle geschéien. Am Fall vun enger Fugue vun engem Patient, ewéi hei, gëtt dann natierlech analyséiert, wéi et zu der Fugue komm ass. An dësem Fall konnt dat nach net gemaach ginn, well déi Analys d'Präsenz vum Patient am CHNP viraussetzt, an och eng gewëssen Zäit an Usproch hëlt.

Et sief awer präziséiert, dass bei geféierlechen a fluchtgefährdete Patienten d'Prozeduren en Ausgang nëmme just an engem securiséierten, also zouene Bannenhaff um Areal vum CHNP erlaben.

Lëtzebuerg, den 17. Dezember 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue